piraten.lu

N° 4030
Entrée le 04.05.2026
Chambre des Députés

Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 04.05.2026
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/05/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Sozialversécherung weiderzeleeden.**

De Code de la sécurité sociale behandelt d'mënschlech Aarbecht vum Aidant informel (Art. 354) a Material- bzw. Déngschtleeschtunge (Art. 353 a 356) grondsätzlech anescht: Sachleeschtunge gi reegelméisseg un d'Käschtenentwécklung ugepasst, d'Geldleeschtunge fir den Aidant awer net. Dëst ass keng technesch Onméiglechkeet – de Mechanismus existéiert schonn am selwechte Gesetz – mee eng bewosst politesch Entscheedung. D'Ministesch huet an hirer Äntwert op d'Fro n°3054 keng Begrënnung fir dës ongläich Behandlung geliwwert.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi eng moralesch a rechtlech Begrënnung läit der Ongläichbehandlung vun de Geldleeschtunge fir den Aidant informel (Art. 354) am Verglach mat de Sachleeschtungen (Art. 353, 356) zu Grond, déi reegelméisseg un d'Käschtenentwécklung ugepasst ginn?

2. Erkennt d'Ministesch un, datt dëst keng technesch Onméiglechkeet ass, mee eng bewosst politesch Wiel – a wa jo, wéi gëtt dës Wiel gerechtfäerdegt?

3. Den Text vum Art. 354 benotzt explizitt d'Verb *remplacées* fir d'Funktioun vun de Geldleeschtungen. Wéi ass d'Interpretatioun vun der Ministesch – datt d'Leeschtung keng *indemnité de remplacement* wier – mat dësem Gesetzeswuertlaut kompatibel?

4. Gedenkt d'Ministesch, dës strukturell Ongläichbehandlung am Kader vun enger Gesetzesrevisioun ze korrigéieren?

Mat déiwem Respekt,

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

CLEMENT Sven

Deputéierten